PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/02/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 FEV. 2019
369

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

De 26. Mee 2019 wäerten zu Lëtzebuerg d'Europawahle stattfannen. Persounen, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn an eng Nationalitéit aus engem vun den aneren EU-Staaten hunn, kënnen sech dowéinst aktuell ob Wielerlëschten aschreiwe loossen. Well Groussbritannien aktuell jo ëmmer nach zur EU gehéiert ass et och de Briten zu Lëtzebuerg méiglech, sech ob d'Wielerlëschte setzen ze loossen an am Mee mat ofzestëmmen. Virum Hannergrond vum Brexit erginn sech an dem Kontext allerdéngs eng Rei Onkloerheeten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wei vill Brite sinn aktuell schonn op de Wielerlëschte fir déi kommend EU-Wahlen ageschriwwen?
- Däerfe schonn ageschriwwe Wieler de 26. Mee nach wiele goen, falls Groussbritannien virum 26. Mee d'EU verléisst?
- Wat géing mat de Stemme vun de Brite geschéien, wann Groussbritannien eréischt nom 26. Mee d'EU verloosse géing? Géing d'Parlament néi besat ginn, ouni d'britesch Stemmen a Consideratioun ze huelen, oder wäert d'europäescht Parlament och weiderhi britesch Stëmme representéieren, obwuel des d'EU verlooss hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député